N°3586
Entrée le 27.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Här Xavier Bettel an vun der Verdeedegungsministesch Madamm Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro n°3586 vun den honoraablen Deputéierten Här Laurent Mosar an Här Laurent Zeimet**

1. **Wéi bewäert d'lëtzebuergesch Regierung d'Aussoe vun den iraneschen Autoritéiten, no deenen d'Sträitkräfte vun den EU-Memberstaaten als terroristesch Organisatioune solle gëllen?**

D'lëtzebuergesch Regierung hëlt déi besuergneserreegend Aussoe vun den iraneschen Autoritéiten zur Kenntnis, an hofft datt d'Situatioun diplomatesch entschäerft ka ginn.

2. **Mat wéi enge konkrete rechtlechen oder praktesche Konsequenze rechent d'Regierung, besonnesch fir d'Membere vun der lëtzebuergescher Arméi?**

D'Decisioun vum Iran ass haaptsächlech politescher Natur an am Prinzip entsti keng direkt Konsequenze fir d'Membere vun der Lëtzebuerger Arméi ausserhalb vum Iran, vu dass dës iranesch Appreciatioun keng international juristesch Valeur huet.

3. **Gouf et op EU-Niveau schonn eng ofgestëmmt Reaktioun op dës Ukënnegung vum Iran, a wa jo, wéi eng Positioun hëlt Lëtzebuerg dobäi an?**

Op EU-Niveau gëtt et de Moment keng ofgestëmmt Reaktioun op dës Ukënnegung.

4. **Gesäit d'Regierung Risike fir d'Sécherheet oder d'Beweegungsfräiheet vu Memberen aus der EU oder der NATO, besonnesch am Kader vun internationale Missiounen oder diplomateschen Aktivitéiten an der Regioun?**

Nee.

5. **Plangt d'Regierung Upassunge vun hirer diplomatescher oder sécherheetspolitescher Approche vis-à-vis vum Iran am Kontext vun dësen Entwécklungen?**

Nee.

6. **Huet d'lëtzebuergesch Regierung vir, géint dës Ukënnegunge vun den iraneschen Autoritéite formell Protest anzeleeën, notamment duerch eng diplomatesch Demarche – bilateral oder am Kader vun enger ofgestëmmter Aktioun op EU-Niveau?**

D'lëtzebuergesch Regierung suivéiert d'Koordinatiounen op EU-Niveau zu dem Thema a géif Decisiounen, déi kollektiv getraff géife ginn, ëmsetzen.

Lëtzebuerg, den 27. Februar 2026

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel